



Aiderbichlerfrenn Letzebuerg  
58 rue Laurent Menager  
L-2143 Luxemburg  
Tél: 691510420 oder  
661483817

Luxemburg, den 24. September 2019

Pressestelle: Mme Carole Koob  
presse@aiderbichlerfrenn-letzebuerg.org

## Pressemitteilung

### VUN ELO UN AM VIRVERKAAF

#### Dompiraten huelen Kurs op Letzebuerg

Zënter 2004 stinn déi véier musikalesch Gesichter op de Bühnen am Kölner Raum, der Äifel, dem Honnsréck, Deeler vum Saarland an zu Lëtzebuerg.

Mat hierem Hit-Programm, enger matrappender Bühnenpräsenz an spierbarer Spillfreed mecht d' Band hir Conceren fir de Publikum an d'Organisateuren zu enger Partyerfahrung mat grousem Succès.

D' Dompiraten stungen schons mat villen bekannten Kënschtler a Bands op der Bühn. e. a. mat Brings, den Paveier, Kasalla, den Höhner, BAP, Wolfgang Niedeken, Guildo Horn, Peter Maffay, Julia Neigel, Zucchero, asw.

De Repertoire besteet aus Titelen vun de bekanntesten Kölner Bands: (Zum Beispill: Höhner, Brings, Paveier, Cat Ballou, Kasalla, BAP, etc.). Awer och vill aner bekannten Partykracher wei d' Schlager-, Après-Ski- & Ballermann-Lidder fannt Dir am ongeféier 4-Stonne Programm, genausou wéi ausgewielte Lidder vun der eegener CD "Leinen los".

Wat d' Dompiraten eenzegaarteg mécht, ass hir extrem Flexibilitéit an déi spontan Emsetzung vun Publikums- oder Organisateurewensch.

Den Andi (Gesang), Domi (Keyboards, Gesang), de Micky (Guitar, Trompett, Gesang) a Wirtzi (Bass, Trompett, Gesang) verstinn et emmer erem op en neits Aal a Jonk an hiere Bann ze zéien, sief et an enger Haal, engem Zelt oder bei Open Air Veranstaltungen. Déi véier frëndlech „Piraten“ beherrschen hiert Handwerk, sin authentesch a huelen sech net ze eescht.

Dir musst et fir Iech selwer erliewen a just do sinn wann d' Dompiraten an hieren Piratenmäntel d' Bühn stiermen. Mat Kölschrock an maträissender Partymusek geet et op eng super Fahrt – de 'Kompass ass geriicht fir eng super Stimmung! Leinen los! - mat den Dom Piraten!

#### SANDY BOTSCH

Déi bekanntst Lead - Sängerin aus Lëtzebuerg, mat villen Joeren Bühnenerfahrung. Mat hierer villsäiteger Stëmm huet d' Sandy e breetgefächerten Gesangsrepertoire, deen un den jeeweiligen Optrëtt adaptéiert ass. D' Varietéit vum Gesangsrepertoire gëtt mat Charme a Sympathie op privaten- an/oder öffentlechen Evenementer presentéiert. Fir all Musikgenre an all Gout ass eppes dobäi. D' Sandy Botsch, eng Sängerin déi d' Musek mat vollem Häerzen lieft!

Kommt laanscht, a loosst Iech vun dëser eenzegaarteger Atmosphär verzaubern, well wou d' Jongen rocken, ass de Kompass kloer a Richtung vun enger super Party geriicht

E Samschdeg, den 2. November ass et esou wäit! D' Dompiraten entern de „Centre Culturel“ zu Bouneweg.

De Programm gesäit esou aus:

18h30 d'Dieren ginn op

19h00 "Warm Up" mam Sandy Botsch

21h00 "Viva Colonia" mat den Dompiraten

Et ginn folgend Ticketskategorien

Setzplaz *	20.- €
Stéiplaz	15.- €

\* De reduzéierte Sätzpräis gëlt fir Jonker, Senioren an behennert Matmensen.  
Kanner bis 12 Joer sin gratis.

Tickeen ginn et op der Hotline +352 691 510 420 oder +352 661 48 38 17 oder +352 20 30 10 11, an all Reesbüroen vu Voyages Emile Weber, dem ACL zu Bartreng, den Asport Geschäfte, dem CAPE vun Ettelbreck, dem Kulturhuf zu Grevenmacher, an all aneren Virverkaafsstellen vun Ticket Regional.

Mat beschten Gréiss

D' Carole Koob  
Eventmanagerin  
Aiderbichlerfrenn-Letzebuerg